ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 7. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Duerch d'Corona-Kris verdénge vill Leit, déi elo an der Kuerzaarbecht sinn, just nach 80 Prozent vun hirem ursprénglecher Salaire. Dës finanziell Belaaschtung gëtt nach doduerch verstäerkt, wa weider Käschten duerch medezinesch Leeschtungen ufalen, déi déi Betraffen an Usproch huelen. An deem Sënn ass et elo essentiell, datt déi Betraffen net onnéideg laang op de Remboursement vun de Käschten duerch d'Krankekeess waarde mussen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi hunn sech am Kader vun der Corona-Kris d'Waardezäite fir de Remboursement vu medezinesche Leeschtungen duerch d'Krankekeess entwéckelt?
2. Wat gedenkt d'Regierung konkret ze ënnerhuelen, fir d'Waardezäite fir de Remboursement vu medezinesche Leeschtungen duerch d'Krankekeess esou kuerz wéi méiglech ze halen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten